déi Lénk
GEMENG SUESSEM

Suessem, den 3.Juni 2020

Un de Schäfferoot vun der Gemeng Suessem.

Betr.: Verbal Entgleisung an der Sitzung vum 15.05.2020

Dir Dammen an dir Hären,

Mir schreiwen Iech am Numm vun der Sektioun Suessem vun déi Lénk fir eise Protest auszedrécken.

An der Sitzung vum 15. Mee 2020 ass et nämlech ënnert dem Punkt 7 („Dégrèvement de l'Eglise Belval-Metzerlach au lieu-dit Chemin-Rouge à Belvaux") leider zu enger fir eis onverständlecher verbaler Entgleisung vum Buergermeeschter Georges Engel als Sitzungsvirsëtzenden géintiwwer vun eisem Gemengeroot Jos Piscitelli komm.

Et ass fir eis inakzeptabel, dass e Sitzungspresident engem gewielte Gemengerot repetitiv an d'Wuert fällt an e Ligner tituléiert, ouni dat am geringsten ze begrënnen an zum Fong z'argumentéiren.

Dobäi hat eise Vertrieder am Gemengerot eis Bedenken zu dem Punkt gutt recherchéiert a begrënnt zum Ausdrock bruecht.

De Buergermeeschter huet eisem Gemengerot virgeworf, net op seng Erklärungen agaangen ze sinn, dobäi stelle mer just de Contraire fest: De Buergermeeschter huet déi virbruechte Kritik a kengster Weis entkräft an och net erklärt, firwat wichteg Dokumenter net am Dossier louchen.

Zu ärer Informatioun leeë mer och nach eng Kéier eis Stellungnahm fir de Gemengebulletin „Kuerz a Knapp" bäi, an deeër d'inhaltlech Positoun vun eiser Fraktioun resüméiert gëtt.

Et ass net fir d'éischt, dass de Buergermeeschter eisem Gemengerot an d'Wuert fällt an onsachlech an onrespektvoll äentwert. Mir bedaueren dat zudéifst. E Buergermeeschter muss als Präsident d'Gemengrotssitzung sachlech, net virageholl, an objektiv leeden, och wa seng politesch Responsabilitéit a Fro gestallt gëtt. Et ass hien deen am Prinzip am Besëtz vun allen Informatiounen ass, net den eenzelne Gemengerot. Dat hëllt en an d'Verantwortung, Ried an Äntwert ze stoen. Mir stëllen awer mat Bedauere fest, dass politesch Interventioune vun der Oppositioun dacks vum Buergermeeschter als „attaque" zu senger eegner Persoun interpretéiert ginn an hien dann leider ëmmer méi oft verbal ausfaalend a beleidegend gëtt. Dat ass inakzeptabel an dréit net zu engem gesonde politeschen Débat an Diskussioun bäi.

Mir wënschen eis fir d'Zukunft eng sachlech Diskussioun, och a kontroverse politeschen Ausernaanersetzungen, déi gewieltene Mandatairen wierdeg ass, an e respektvollen Ëmgang mat de Memberen vun der Oppositioun.

Mat beschte Gréiss,

Fir de Sektiounscomité

Patrizia Arendt
Sekretärin

Irina Holzinger
Presidentin

Annexe: Stellungnahm vun déi Lénk fir de bulletin „kuerz&knapp" iwert d'Sitzung vum 15.05.2020

Kopie un: Membres vum Gemengerot